N°1207
Entrée le 15.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Monsieur le ministre des Finances, Gilles Roth, à la question parlementaire n°1207 du 19 septembre 2024 de Monsieur le Député Tom Weidig au sujet des investissements dans la société Lyten**

Sou wéi d'Regierung et an engem Presse-Communiqué am Oktober 2023 matgedeelt huet, gesäit d'Strategie vu Lyten vir, datt niewent dem europäeschem Haaptsëtz zu Lëtzebuerg och Fuerschungsaktivitéiten an Zesummenaarbecht mat Lëtzebuerger Fuerschungsinstituter entwéckelt ginn, sou wei Iwwerleeungen zu enger eventueller Pilotproduktiounsanlag fir 3D-Graphen gefouert ginn.

Dëse Projet wäert Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg schafen. Et ass aktuell nach net méiglech eng präzis Zuel ze nennen. Viraussiichtlech wäerte Mataarbechter mat héije Qualifikatioune gesicht ginn an et kann net virausgesot gi, wou déi wunnen.

D'Regierung huet keng materiell Virdeeler u Lyten ginn a keng fest Engagementer geholl. Wa Lyten seng Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg ausbaut an d'Krittäre fir staatlech Ënnerstëtzung, zum Beispill fir Fuerschungs-Bäihëllefen, erfëllt, ass virgesinn déi generell bestoend Instrumenter, fir Betriber ze begleeden an ze ënnerstëtzen, ze applizéieren.

D'Regierung huet de Kontakt tëschent der Firma an der Equipe vum Luxembourg Future Fund 2 (LFF2) hiergestallt. D'Analys vum Dossier an d'Decisioun fir z'investéiere sinn an der Hand vum LFF2 gewiescht. Beim LFF2 sinn d'Substanz zu Lëtzebuerg, zesumme mam finanzielle Retour, Haaptkrittäre fir Investissementer.

Luxembourg, le 15/10/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles